

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Laurent Mosar, Vice-Président • Mme Colette Flesch, Vice-Président

Sommaire

1. Dépôt d’une motion par M. Claude Meisch
 - M. Claude Meisch
2. Ordre du jour
 - M. le Président
3. 5754 - Projet de loi relatif à l'aide à l'enfance et à la famille
 - Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse: M. Jean-Paul Schaaf
 - Discussion générale: Mme Sylvie Andrich-Duval
4. Question urgente N°2980 de M. Claude Meisch relative à l’arrêt de la production auprès de Goodyear
 - M. Claude Meisch - M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi
5. Motion de M. Claude Meisch relative à la transformation de l’ADEM en établissement public et à l’élaboration d’un projet de loi renforçant le rôle de l’ADEM dans le domaine de la formation des demandeurs d’emploi
 - Présentation: M. Claude Meisch
 - Discussion générale: M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi, M. Romain Schneider, M. Aly Jaerling, M. le Ministre François Biltgen
6. 5754 - Projet de loi relatif à l'aide à l'enfance et à la famille (suite)
 - Discussion générale (suite): M. Eugène Berger (déposant une motion), Mme Lydie Err (déposant trois motions), Mme Viviane Loschetter, M. Gast Gibéryen, M. Aly Jaerling, Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - Vote sur les motions: motions 1, 2, 3 et 4 adoptées
7. Dépôt d'une motion par Mme Viviane Loschetter
 - Mme Viviane Loschetter
8. 5894 - Projet de loi portant modification de l'article 545 du Code civil
 - Rapport de la Commission juridique: M. Paul-Henri Meyers
 - Discussion générale: M. Jacques-Yves Henckes, M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
9. 5770 - Projet de loi transposant, pour la profession d'avocat, les dispositions de la Directive 2005/36/CE du Parlement européen et du Conseil du 7 septembre 2005 relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles et de la Directive 2006/100/CE du Conseil du 20 novembre 2006 portant adaptation de certaines directives dans le domaine de la libre circulation des personnes, en raison de l'adhésion de la Bulgarie et de la Roumanie, et modifiant: 1. la loi du 10 août 1991 déterminant, pour la profession d'avocat, le système général de reconnaissance des diplômes d'enseignement supérieur qui sanctionnent des formations professionnelles d'une durée minimale de trois ans; 2. la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat; 3. la loi modifiée du 13 novembre 2002 portant transposition en droit luxembourgeois de la Directive 98/5/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 février 1998 visant à faciliter l'exercice permanent de la profession d'avocat dans un État membre autre que celui où la qualification a été acquise et portant: 1. modification de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat; 2. modification de la loi du 31 mai 1999 régissant la domiciliation des sociétés; 3. la loi modifiée du 29 avril 1980 réglant l'activité en prestations de service, au Grand-duché de Luxembourg, des avocats habilités à exercer leurs activités dans un autre État membre des Communautés européennes
 - Rapport de la Commission juridique: M. Patrick Santer
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
10. 5745 - Projet de loi portant approbation de l'accord de coopération entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et la Confédération suisse, d'autre part, pour lutter contre la fraude et toute autre activité illégale portant atteinte à leurs intérêts financiers
 - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Laurent Mosar
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
11. 5815 - Projet de loi portant approbation de la décision 2007/436/CE, Euratom du Conseil du 7 juin 2007 relative au système des ressources propres des Communautés européennes
 - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Lucien Thiel
 - Discussion générale: M. Charles Goerens
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

» M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Sitzung ass op.

Ech ginn dem Här Meisch d'Wuert fir den Dépôt vun enger Motioun.



1. Dépôt d’une motion par M. Claude Meisch

» M. Claude Meisch (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen, datt momentan de Projet vun der Regierung vun de sougenannte Chèques-services d'Gemidder beweegt uechtert d'Land, bei de Gemengen, bei den Träger vu Crèchen a vu Maison-relaisen. Well virun allem den administrativen Opwand gefaart gëtt, well mer en Délai hunn, wou dat den 1. Mäerz misst a Kraaft trieden.

Elo si mer ganz d'accord, datt een um Niveau vun de Präisser, vun den Tariffer an de Betreuungsstrukturen eppes muss maachen, datt Handlungsbedarf besteet. Mir hunn awer mam Projet, deen elo virläit a vun der Regierung presentéiert ginn ass, eng Rei vu grondsätzleche Problemer.

Ënner anerem fäerte mer, datt ganz vill Kanner, déi elo an deene Betreuungsstrukturen dra sinn, riskéieren d'nächst Joer erauszerutschen, well eng Prioritéit geschafe gëtt fir Kanner vun Elteren, déi eigentlech net berufstäteg sinn, well se RMG-Bezéier sinn. Duerfir proposéiere mer hei an där Motioun, datt dee Projet do zréckgezu gëtt an datt en ersat gëtt duerch eng Initiativ, fir déi bestoend Tarificatioun dättelech ofzesenken.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- ayant pris connaissance de la volonté du Gouvernement d'introduire des chèques-services donnant droit à une série de services dans le domaine de l'accueil éducatif extrascolaire;

- constatant qu'il existe une pénurie d'infrastructures et d'encadrements adéquats au niveau des structures d'accueil;

- voulant promouvoir une politique visant à concilier vie familiale et vie professionnelle pour toutes les familles;

- notant les difficultés manifestes que revêtent ces mesures au niveau de leur mise en œuvre notamment pour les communes et les gestionnaires des différentes structures d'accueil;

invite le Gouvernement à

- retirer le projet gouvernemental visant l'introduction de chèques-services;

- prévoir la diminution du prix des maisons relais et d'y retenir une augmentation de la participation de l'État à hauteur des moyens financiers prévus pour les chèques-services;

- faire en sorte que l'État et les communes augmentent à court et à moyen terme, selon les besoins et de manière conséquente, le nombre de structures d'accueil dans toutes les régions du pays.

(s.) Claude Meisch.

Merci, Här President.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Meisch.



2. Ordre du jour

Mir hunn déi aner Motioun vum Här Meisch en plus iwwert d'ADEM, en plus eng Question urgente iwwert d'Situatioun bei der Goodyear. Den Aarbechtsminister muss op Bréissel fueren an eng Réunioun. Ech hu mat him geschwat. Hie probéiert allerdéngs heihinner ze kommen, ier hien onbedéngt muss fort. Duerfir géif ech proposéieren, wann hien Zäit fënnt, fir ze kommen, dass mer da géifen déi Motioun an déi Question urgente huelen, quitte dass mer missten e Projet ënnerbrieche. Am Fall, wou et net geet, hie seet eis elo gläich Bescheed, mä hie mengt, hie kënn kommen, datt mer dat da géifen esou maachen.

Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

Da komme mer elo zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour, d'Diskussioun iwwert de Projet de loi relatif à l'aide à l'enfance et à la famille. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Jean-Paul Schaaf. Här Schaaf, wann ech gelift.



3. 5754 - Projet de loi relatif à l'aide à l'enfance et à la famille

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse

» M. Jean-Paul Schaaf (CSV), rapporteur.- Här President, Madame Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi, dee mer haut diskutéieren, dréit jo den Titel: Projet de loi relatif à l'aide à l'enfance et à la famille. Et ass den 22. August 2007 gewiescht, wéi en déposéiert ginn ass.

En ass aviséiert gi vum Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand, vun der Chambre des Métiers, de Justizautoritéiten, der Privat-beamtekummer, der Chambre vun de Fonctionnaires et Employés publics, der Chambre de Commerce, de Travail an dann och vun der FAPEL, der Federatioun vun der Association des parents d'élèves au Luxembourg an och aviséiert gi vu Leit aus dem Secteur. Ech wëll just am besonneschen d'EGCA, d'Entente vun de Gestionnaires des centres d'accueil, an d'ADCA, d'Association vun den Directeurs des centres d'accueil hei ernimmen.

De Statsrot huet de 17. Juni säin éischten Avis ginn an den 21. Oktober en Avis complémentaire zu enger Rei Amendementer vun der Kommissioun. Dorobber kommen ech nach zréck.

Sechsmol ass dëse Projet de loi an der Chamberskommissioun diskutéiert ginn, an de Rapport vun haut ass den 13. November ugeholl ginn.

Dee Projet, dee mer haut diskutéieren an deen ech d'Éier hunn hei virstellen, huet eng Rei grouss Ziler: - D'Aide à l'enfance et à la famille kritt domadder zu Lëtzebuerg e juristesche Kader; - d'Preventioun kritt de prioritäre Charakter; - d'Gewalt géint Kanner gëtt als verbueden hei ageschriwwen; - d'Participatioun vum Kand a vun der Famill kënnst an de Vierdergrond; - d'Missioun vum Stat a vun de Gemenge gi fir dësen Domän preziséiert; - den ONE, den Office national de l'enfance, gëtt geschaf; - d'Jugendhëllef an de Jugendschutz gi besser getrennt. Dëst nenne mer och alt nach Déjudiciarisation; - de Secteur vun der Kanner- a Jugendhëllef gëtt strukturell koordinéiert ëm d'eenzel Situatioun; - de Financement vun der Kanner- a Jugendhëllef gëtt nei organiséiert, an - den ONE erstellt zweemol am Joer eng Statistik iwwert d'Friemännerbréngung vun de Kanner.

D'Ambitioun ass also grouss. De Projet bréngt e Paradigmewiessel am soziale Secteur vun der Kanner- a Jugendhëllef mat sech an huet d'Ambitioun, zu méi Responsabilitéit, méi Flexibilitéit a méi Effikasitéit ze féieren.

De Projet referéiert a senger Argumentatioun op de Rapport vun der Spezialkommissioun «Jeunesse en détresse», déi ënnert der Presidentschaft vun Här Lucien Weiler, eisem heitege President, wichteg Konkusiounen gezunn huet. D'Madame Frank war deemools Rapportrice vun dësen Aarbechten an aus de Konkusiounen vun der Spezialkommissioun, déi de 26. November 2003 hei an der Chamber diskutéiert goufen, fënnt een der eng Rei, déi mam Projet vun haut Realitéit ginn.

Esou gouf en Organe de médiation virgeschloen, fir ze verhënneren, dass all problematesch Situatiounen beim Jugendrichter landen; zweetens soll d'Preventioun Prioritéit kréien; drëttens soll eng besser Koordination vum soziale Secteur geschéien, a schliesslech gouf eng besser Kooperatioun tëschent Justiz a sozialem Secteur als néideg erkannt.

A sengem Argumentaire ginn dës Ziler vun eiser Familljeministerin iwwerholl an et ginn nach aner Grënn uginn, fir hei ze léigféieren:

Et geet drëm, d'Mënscherechts- an d'Kannerrechtskonventioun um Punkt vun

der Matbestëmmung an dem Recht op Hëllef ëmzesetzen.

Et geet drëm, de Prinzip vum Intérêt supérieur de l'enfant fest ze verankeren an all Hëllef an als subsidiar zur Elteren- a Familijenaarbecht unzegesinn.

Et geet drëm, d'Protektioun, d'Prestatioun vun Hëllef an d'Participatioun vum Kand - also déi dräi P - als roude Fuedem duerch dëst Gesetz eranzekréien.

An et geet schliesslech och nach drëm, all Gewalt vis-à-vis vun de Kanner, sief et kierperlech, psychesch oder sexuell, kloer ze verbidden. Dëst kënnt och enger laang-jähriger Fuerderung vum Comité des droits de l'enfant entgéint.

Wéi sollen dann elo all dës Objektivter ëmgesat ginn a wéi eng Ännerunge brénge se am Verglach zur Situatioun vun haut?

Mir hunn am Land vill exzellent Servicer an Institutiounen, déi sech der Kanner- a Jugendaarbecht unhuelen. Si schaffen opgrond vun engem Agrément a mat deem Personal, dat si iwwer eng Konventioun vum Ministère zur Verfügung gestallt kréien.

Am Besonnesche muss een hei Crèchen, Foyer-de-jouren, Foyers fir Dages- an Nuechtënnerbréngung, konventionéiert an net konventionéiert, FADEPen, Familles d'accueil, Internater, Adoptiounsservicer ernimmen. An dësen Haiser a Familje sinn - esou ass aus dem Argumentaire vum Projet de loi erauszeliesen - op den 1.1.2006 872 Kanner ënnerbruecht. Dovunner sinn 78% Placementer duerch d'Jugendgeriicht.

Datt esou vill Kanner duerch e Riichter an eng Institutioun wäiss ginn, kënnt och dohier, datt kee Kadergesetz fir fräiwëlleg Placementer do ass, datt keng Instanz den Optrag huet, déi ze verhandelen, gutt-zeheeschen, an datt Haiser dacks och d'Tendenz hunn, dem Riichter Virrang ze gi bei der Ennerbréngung, well jo dat Situatioun sinn, déi den héije Charakter vun Drénglechkeet hunn.

Déi sozial Berodungsservicer, déi um Terrain schaffen, sinn haut eleng mat der Situatioun, déi si zougedroe kréien. A si mussen eleng entscheeden, ob oder ob net e Signalement un de Jugendriichter gemaach gëtt. Dat ass eng grouss Verantwortung. Dëst féiert och derzou, dass Sozialservicer haut op d'Jugendgeriicht verweisen, wann et beispillsweis ëm Vernoléissegung vu Kanner geet.

Dat gëtt duerch de Riichter, d'Hëllef vun uewen, der Famill an och der Institutioun ordonnéiert. Déi betraffe Kanner kënnen hiren Accord net ginn an d'Familje ginn net sensibiliséiert duerch eng gerichtlech Mesure.

Duerch dëst Gesetz gëtt déi dacks zitéiert Déjudiciarisation a ville Fäll erméiglecht. Dat geschitt doduerjer, datt eng nei zentral Ulaflaz an Entscheedungsplaz geschaf gëtt.

De Projet de loi schafft eng nei Institutioun: den Office national de l'enfance. Et ass den ONE - Office national de l'enfance -, e Service vum Familljeministère, deen an Zukunft d'Missioun kritt, fir d'Situatiounen, déi vun de Kanner, den Elteren, de soziale Servicer, den Institutiounen un een eruge-droe ginn, ze traitéieren. Am Artikel 4 gëtt och d'Recht op eng Demande op Hëllef festgehalten.

Den ONE kritt dofir dezentral Équipes multidisciplinaires, déi en Hëllefplang fir all Kand erstellen. Dëse Plang gëtt, an dat ass de Prinzip vun der Participatioun, mat de Betraffenen ausgeschafft a vun hinnen ënnerschriwwen, soss kann en net a Kraaft trieden.

Den ONE vermëttelt an dëse Situatiounen tëschent de Leit an dem objektiven Usproch vu Protektioun an Ennerstëtzung, deen eis Gesellschaft am Émgang mat de Kanner huet. E validéiert dëse Plang, en nennt e Koordinator tëschent de soziale Servicer, aktualiséiert dëse Plang regelméisseg oder wann ëmmer néideg, an organiséiert Concertatioun tëschent de Familjen an den Institutiounen.

Den ONE mécht dann och ëmmer op den 1. Abrëll an op den 1. Oktober statistesch Erhiewunge vun de Kanner, déi am Land an am Ausland an Institutiounen oder Familjen ënnerbruecht sinn.

Den Artikel 7 vum Gesetz erlaabt dem ONE och, zu dësem Zweck eng Datebank unzelleen.

All Elteren a Kanner hunn d'Recht op Asiicht an hiren Dossier. All betraffent Kand kann am Alter vun 18 Joer och verlaangen, dass säin Dossier anonymiséiert gëtt. Esou ass och séchergestallt, datt d'Kanner Zougang zu hirer eegener Geschicht kréien an och selwer bestëmmen, ob dës Donnéeën onkenntlech gemaach solle ginn.

Schliesslech ass den ONE verflucht, all Dossier e Suivi ze ginn.

Wéi eng Inhalter hunn dann déi Hëllefsmoossnamen, déi vum ONE kënnen an engem Plang festgehal ginn?

Den Artikel 11 vum Gesetz lëscht 25 verschidden Hëllefsmoossnamen op, déi gegebenenfalls kënnen am jeeweiligen individuellen Hëllefplang virgesi ginn. Fir et nach eemol ze rappeléieren: Dës Moossname ginn net vum ONE ausgefouert, mä vun deenen Acteuren, déi och haut um Terrain dës Aarbecht maachen. De Katalog vun de Mesures d'aides sociales reecht vun der Dages- an Nuechtënnerbréngung an engem Foyer zu ganz punktuellen Hëllef, wéi beispillsweis dem juristesche Bästend, enger psychologescher Konsultatioun, enger Médiation familiale, erzéierescher Familljeberodung oder och pedagogesche Frëiförderungsmoossname fir d'Kanner oder och nach der Formatioun fir d'Elteren a Jugendlech oder Fräizäitaktivitéiten.

Den Tableau ass breet ugeluecht, an den Hëllefplang kann domadder e komplette Programm vun Ennerstëtzung fir dat eenzelt Kand virgesinn. Dësen Tableau vu sozialen Hëllefseeschunge veranschaulicht och, datt mir net vun der Aide à l'enfance kënne schwätzen, ouni gläichzäiteg vun de Familjen ze schwätzen. Den Titel vum Gesetz ass op Suggestioun vum Statsrot dann och ausgeweit ginn op Aide à l'enfance et à la famille.

Wa vum ONE keen Accord fir en Hëllefplang am Intérêt vum Kand fonnt gëtt, well d'Elteren oder d'Kand dëse refuséieren oder net matschaffen, da muss den ONE ofweien a gegebenenfalls d'Situatioun un d'Jugendgeriicht weiderginn. Da kann d'Jugendgeriicht eng Hëllef verfuegen. D'Relatioun tëschent der Justiz an dem soziale Secteur gëtt mat dësem Gesetz gekläert. Wann d'Jugendgeriicht duerch iergendeen Émstand mat engem Dossier befaasst ass, dann ass d'Jugendgeriicht ëmmer prioritär. Da ka sech den ONE net amëschen, et sief dann, hie géif selwer vum Jugendgeriicht dozou opgefuerdert ginn.

De Statsrot huet a sengem éischten Avis eng méi grouss Kloecheit verlaangt a gefuerdert, den Term Placement am Gesetz nëmmen am Zesammenhang mam Jugendgeriicht ze gebrauchen. Dëse Begrëff ass vun der Kommissioun aus dem Text erausgeholl an duerch den Accueil socio-éducatif ersat ginn.

Fir seng Missiounen kënnen ze erfëllen, kritt den ONE e Personalkader mat dësem Gesetz. De Poste vum Direkter vum neie Service gëtt fir siwe Joer bestëmmt a vun engem Fonctionnaire aus der Carrière supérieure vum Stat bekleet. Weider kënne Persounen mat spezifischer Ausbildung an de verschiddene Sozial- an Erzéiungsberuffer, Redakteren an Expéditionnaires agestallt ginn.

Et gëtt erméiglecht, Fonctionnaires aus aneren Administratiounen bei den ONE ze détachéieren. Hir Rechter bleiwen hinnen natierlech erhalen, an et kënnen och Enseignanten détachéiert ginn. Dezentral verstärkte multidisziplinär Equipen d'Be-méiunge vum ONE. Och hei kënne Leit an den ONE détachéiert ginn, woumat sécher-gestallt gëtt, datt erfuerend Personal mat dësen net ëmmer einfache Missiounen be-optraagt ka ginn.

Den ONE kann och extern Experte mat erunzéien, eng Kloecheit, déi op Urode vum Statsrot iwwerholl ginn ass.

Wéi eng Konditiounen muss dann e Service erfëllen, fir mam ONE zesummenze-schaffen?

Den Artikel 13 vum Gesetz preziséiert, datt, niewent den Agrémentsbedéngungen aus dem ASFT-Gesetz, d'Servicer och mussen e Projet d'orientation schreiwen, deen d'Sensibilitéit fir d'Kanner an d'Kannerrechter dokumentéiert, d'Participatioun vun de Kanner an den Eltere promouvéieren, sech asetze géint Gewalt an Drogen a fir d'Suizidpreventioun, en internt Reglement virweisen, Supervisioun a Formatioun fir d'Personal organiséieren, sech extern evaluéieren an natierlech mat dem Jugendgeriicht, mam ORK a mam ONE zesummen-zeschaffen. Alles dëst, fir d'Qualitéit vun der Aarbecht ze garantéieren.

De Projet de loi rappeléiert a preziséiert Aufgabe vum Stat an de Gemengen. De Stat an d'Gemege sinn ugehalen - dat ass net nei -, am Kader vun der Integratioun, der Participatioun an der Preventioun flexibel Ennerbréngungsstrukturen ze schafe fir Kanner a Jugendlech. Hir Missioun besteet och nach doranner, Hëllef ze leeschten, fir Aarbecht a Famill ënnert dee berühmten Hutt ze kréien, awer och erzéieresch Hëllefseeschunge entweder selwer ze proposéieren oder awer eng Informatioun

an Orientatioun bei esou Déngschter ze leeschten, déi kulturell a sozial Ausgrenzung vu Kanner ze verhënneren an all Méiglechkeete vu Participatioun vu Kanner a Familjen ze ennerstëtzen.

Schliesslech schafft dëse Projet de loi en neie Finanzéierungsmodell fir déi sozial Hëlfe-sarrichtungen. Dëst ass sécher deen am meeschten diskutéierten Deel vum Gesetz. Fixéiert gi 15 verschidden Type vu Leeschtungen a Form vu Stonnen, Dagesforfaiten oder Forfaiten op de Mount.

De System vum aktuelle Bezuele vun de soziale Servicer duerch eng Konventioun mat feste Posten gëtt also ersat duerch e System vu leeschtungsbezunnener Tarification. Wann eng Institutioun an engem Hëllefplang engagéiert ass oder e ganz ausféiert, da stellt si déi Leeschtungen a Rechnung. Dëst huet de Virdeel, datt d'Institutioun flexibel kann op eng Demande reagéieren an net méi wéi bis elo begrenzt ass duerch hire Personalschlüssel.

En Träger ka bei Bedarf zousätzlech Personal engagéieren, wat besonnesch fir eenzel speziell Situatiounen vu grousser Wichtigkeet ass. Dëse System erlaabt eng grouss Flexibilität. Et misst manner schwierig ginn, dem Kand oder Jugendlech déi noutwendeg Ennerstëtzung ze garantéieren.

Dëse Finanzéierungssystem ass mat den Träger diskutéiert ginn, an d'Montantë ginn, wéi och de Statsrot gefuerdert huet, iwwer Règlement grand-ducal fixéiert. Och léisst de Ministère jidder Träger de Choix, beim ale System ze bleiwen oder fir den neie System ze optéieren.

E weideren Artikel am Gesetz erlaabt et dem Stat, zousätzlech zu de Finanzéierungsforfaiten aussergewöhnlech Subventiounen ze bezuelen, wann dat opgrond vun der Gehälterssituatioun vum Prestataire néideg ass. Dat heescht, am Fall wou iwwerduerchschnëttlech vill Personal mat grousser Anciennetéit do schafft, wat jo méi deier ass wéi eng Equipe, déi am Ufank vun der Gehältertabell steet.

Zousätzlech kann de Stat och agräife bei zäitweileg gerénger Auslaaschtung vum Service oder bei besonneschen, innovative Projeten.

Schliesslech gesäit dëse Projet de loi e berodende Gremium vum ONE vir: de Conseil supérieur de l'aide à l'enfance et à la famille. Am Originalprojet sollten nach eng Commission consultative ONE an e Comité interministériel geschafe ginn. Am Sënn vu schlanke Strukturen huet d'Chamberskommissioun sech dem Statsrot ugeschloss an als eenzeg berodend Gremium vum ONE de Conseil supérieur zrëckbehalen. Dëse Conseil supérieur de l'aide à l'enfance et à la famille huet 16 Memberen, déi vun der Regierung fir fënnf Joer genannt ginn.

An dësem Gremium sinn d'Ministère vun der Famill, der Educatioun, der Justiz an der Santé mat jeeweils engem Représentant vertrauten. Dernieft sinn d'Justizautoritéite mat zwee Leit vertrauten, d'Prestataire vun den Hëllefsservicer mat dräi Memberen, d'Associatiounen vu Famill, Elteren a Kanner mat dräi Leit, a schliesslech gi véier Fachleit genannt opgrond vun hire Kompetenzen an de psychosozialen, socio-éducativen, juristeschen oder medizineschen Domänen.

Dëse Conseil supérieur beréit d'Regierung an alle Froe ronderëm d'Kanner an d'Familjen, evaluéiert d'Besoinen, suivéiert d'Evolution vum ONE a vun de Prestataire an suert sech ëm déi noutwendeg Koordinatioun an den Échange tëschent de Partnerorganisatiounen aus dem soziale Beräich.

Dëst Gesetz gëtt schliesslech dem aktuellen 1952 schonn duerch Arrêté grand-ducal geschafenen an e puermol ofge-ännerte Conseil supérieur de la famille et de l'enfance, wéi en elo heescht, eng legal Basis. De Règlement grand-ducal wäert d'Indemnitéite vun de Membere fixéieren a wäert och den aktuelle Conseil supérieur de la famille opléise respektiv an dës nei Struktur afléisse loosssen.

Nach e Wuert zu der Mise en vigueur. Dëst Gesetz brauch Upassungen am soziale Secteur an et brauch Ulaftzäit, fir déi nei Institutioun ONE opzebauen, d'Prozeduren ze definéieren, kuerz fir sech ze organiséieren. Duerfir ass virgesinn, datt dëst Gesetz sechs Méint no der Publikatioun am Mémorial a Kraaft trëtt.

Ech wëll awer nach um Schluss e puer Wuert iwwert de Werdegang vum Projet verléieren an e puer Elementer aus den Avisen abréngen. D'Regierung huet e Projet déposiert vun 30 Artikelen. Haut stëmme mer of iwwer e Projet vun 20 Artikelen. Dat eleng weist, datt Verännerungen an der Kommissioun virgeholl gi sinn.

De Statsrot huet proposéiert, all net normativ Artikelen ze sträichen, déi als Zweck haten: d'Intentioun vun der Kannerbetreierung, d'Handlungsprinzipië vum ONE, d'Applikatioun vun der Konventioun vun de Kannerrechter an der Konventioun fir de Kampf géint d'Diskriminierung, de schouleschen Accueil a spezialiséierten Institutiounen, d'konsultativ Kommissioun ONE an de Comité interministériel a schliesslech och en Artikel iwwer e Code de bonne conduite an de Secret professionnel.

De Statsrot huet eng Glidderung vum Text proposéiert, an d'Kommissioun huet sech dës Iwwerleeung zu Eege gemaach.

Niewent dëse Recommandatiounen vum Conseil d'État huet d'Kommissioun eng ganz Rei vu klengen textuellen Ännerungen agefügt. Dat sinn Detailverbesserungen, op déi ech awer hei aus Zäitgrënn net kann a wëll agoen. Si droen och Bemerkunge vun aneren Avisé Rechnung. Deene meeschte konnt Rechnung gedroe ginn. Anerer, wéi eng Reform vum ASFT-Gesetz, eng gefaart Konkurrenzsituatioun tëschent de sozialen Institutiounen, eng Ausdifferenzierung vun de Prestatiounen an der Praxis, sinn am Rumm vun dësem Kadergesetz net all ze klären.

Här President, ech hunn elo probéiert, kuerz en Iwwerbléck iwwert dëst neit Gesetz ze ginn, ouni an all Detail kënnen anzegoen.

Alle Servicer aus dësem Secteur, déi engagéiert a konstruktiv Kritiken zu dësem Projet verfaasst hunn, wëll ech fir hiren Engagement Merci soen. Si sinn et zesumme mam ONE, déi d'Qualitéit vun der Betreierung garantéieren. Si sinn et, déi am Alldag dat mat Musek fëllen, wat mir haut um Pabeier entscheeden. Si sinn et, déi sech ëm déi Kanner a Jugendlech këmmere, déi soss keng Zukunft hätten. Hinnen alle si mer eise grouss Respekt schëlleg, an dat ganz besonnesch haut um Internationale Welttag vun de Kanner.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur. Déi éischt Riednerin ass déi hono-rabel Madame Sylvie Andrich-Duval.

Här Meisch, ech wëll soen, dass de Minister Biltgen ënnerwee ass an dass mer no der Madame Andrich zu Ärer Motioun a Question urgente kommen.

Madame Duval, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net fir d'éischt, dass mer hei an deem Héijen Haus iwwer Kanner a Jugendlecher an Nout geschwat hunn. De Rapporteur Jean-Paul Schaaf huet och schonn dorop higewisen. Gutt ass, dass mer grad haut um Internationalen Dag vun de Kannerrechter heiriwwer schwätzen.

Déi deemoleg Spezialkommissioun vun der Chamber huet sech intensiv mam Thema vun der Jugendhëllef respektiv dem Jugendschutz befaasst, ënnert der Présidentschaft vum Här Lucien Weiler. Heiraus huet sech jo bekanntlech e Schlussrapport erginn, deen de 27. Oktober 2003 vun der Madame Marie-Josée Frank ofgeschloss gouf no villen Hearingen an Échangé mat Experten op deem Gebitt.

Fir d'éischt ass emol festgestallt ginn, dass et keng komplett statistesch Donnéeën iwwer Kanner a Jugendlecher an Nout ginn, déi et erlaben, hir Situatioun ze analyséieren an doraus eraus effikass Politiken ze definéieren.

Aner Konklusiounen, déi ee kann ervirsträichen, sinn ënner anerem déi vun der Noutwendegkeet fir zousätzlech spezialiséiert Strukturen ze schafe fir Manner-jähreger, déi psychiatresch oder Verhaltensproblemer hunn, gradesou wéi fir eng allgemeng Erhéijung vun den Opnahmekapacitéiten an de bestehende stationäre Strukturen virzehuelen.

Op dësem institutionelle Gebitt si grouss Efforten an de leschte Jore gemaach gi vun der Familljeministes, an och de Gesondheitsminister huet Säint derzou bäigedroen. Esou konnt zum Beispill elo ganz rezent en neie Foyer vum Kannerduerf

Miersch ageweiht ginn zu Hesper, wou an enger éischter Phas jonk Meedercher mat schwéiere Perséinlechkeets- a Verhalensproblemer opgeholll ginn. Si kënnen do vun enger op Déierentherapie spezialisierter Equipe betreit ginn.

Da wëll ech awer och nach just déi nei stationär psychiatresch Unitéit an der Kannerklinik ervirsträchen.

Am Rapport „Jeunesse en détresse“ gouf dann nach plädéiert fir d'Schafe vun enger Mediationsinstanz - de Rapporteur huet et och scho gesot - am Virfeld vun de Jugendschutzmoosnamen. Déi soll am Fall vu Krisesituatiounen den Dialog am géigesäitegen Averständnis tëscht de verschiddenen Implizierten nees hierstellen.

Doriwwer eraus gouf e Mangel vu Koordinatioun tëscht dem Sozialsecteur an der Justiz a weider tëscht de verschiddene soziale Servicer festgestallt. Fir deem Meeschter ze ginn, sollt een oder méi zentral Organer an d'Liewe geruff ginn, fir d'Zesummenaarbecht tëscht all deenen Acteuren ze verbessern.

En anert Objektiv soll sinn, fir global gesi méi preventiv virzegoen an et net eréischt zu schwierge familiäre Situatiounen kommen ze loossen, mä schonn am Virfeld ze handelen.

Zousätzlech gesäit d'Regierungserklärung vun der jëtzege Majoritéit Folgendes vir. Ech zitieren: «Les partenaires conviennent de réorganiser l'aide sociale à l'enfance en difficulté.» An deem Kontext ass och e Statement gemaach ginn, fir preventiv ze handelen an driwwer nozedenken, fir d'Elteren aktiv mat anzebannen a se ze incitéieren un den Aktivitéite vun der sougenannter Eltereschoul deelzehuelen.

Et ass gewosst, dass et eng Hällewull vun Hëllefstrukturen, méi genereller an och spezialiséiert Servicer, gëtt, déi souwuel vun öffentlecher wéi vu privater Hand geleet ginn. Dës Strukturen hunn eng laang Tradition. Et géif awer ze wäit féieren op dës Plaz, fir op dee ganze Werdegang anzegoen. Och de Volet vun der Jugendschutzgesetzgebung wëll ech hei net weider behandelen.

Wat besonnesch soll ënnert d'Lupp geholl ginn, ass dat, wat am Virfeld vun de Jugendschutzmoosname geschitt, ier et also zu enger Judiciarisatioun kënnt. Dofir knäppen ech direkt un d'Situatioun vun den Enn 70er, Ufank 80er Joren un, wou de Stat sech verstärkt selwer implizéiert huet duerch d'Ofschlësse vu Konventiounen mat de jeeweilege privaten Trägergesellschaften, déi um Gebitt vun der sozialer Integratioun vum Kand täteg waren. De Stat huet doduerch de Finanzement ofgeséchert an huet sech zugläich eng Kontrollméiglechkeet gi vun dësen Aktivitéiten.

Duerch meng berufflech Erfahrung op deem Gebitt konnt ech materliwen, wéi iwwert d'Joren ëmmer nees nei Servicer an Hëllefstrukturen oft onkontrolléiert aus dem Buedem geschoss sinn. A wéi heefeg sinn a ginn nach haut Clienten, déi kleng wéi déi grouss, vun engem zum anere geschéckt, sief dëst vun öffentlechen oder private Servicer an Institutiounen?

Ouni wëllen dës professionelle Strukturen hir Kompetenz ofzestreden, kënnen déi Betreffen awer net ëmmer déi richteg Hëllef fannen, well keng Hand hannendrun ass, déi se duerch de Bësch voller Beem guidéiert.

Et ass festzustellen, dass et dann zu Situation kënnt, déi sech esou zouspëtzen, dass d'Jugendgericht op eemol schnell muss ageschalt ginn. Da muss am Sënn vum Kand a Jugendlechen an Nout oder bei Fäll vu Jugenddelinquenz eng deelweis aschneidend Décisioun geholl ginn, wéi zum Beispill de Placement baussent dem Elterenhaus duerch eng Mesure de garde provisoire.

Et ass e Fait, Dir Dammen an Dir Hären, dass hei zu Lëtzebuerg ronn ee Prozent vun de Mannerjähregen an Heimer an a Fleegefamilljen, awer och ëmmer méi oft a spezialiséierten Institutiounen am Ausland placéiert respektiv opgeholll ginn. Dat waren der zum Beispill am Joer 2007 eleng 170 vun deenen insgesamt 987 placéierte Kanner, laut dem Rapport 2007 vum Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand. De

Gros vun de Mannerjähregen ass iwwert d'Jugendgericht placéiert.

An deem Sënn war d'Akraafttriede vun deem sougenannten ASFT-Gesetz, dat jo d'Kadergesetz vum 8. September '98 ass, fir d'Relatiounen vum Stat mat deene privaten Träger am sozialen, familiären an therapeutische Beräich ze regelen fir dës sensible Secteur schonn e risege Fortschrëtt. Et sinn doduerch minimal Qualitéitsstandarden agefouert ginn, déi vun de jeeweilegen Träger ze respektéieren sinn, an et erlaabt e besseren Iwwerbléck iwwert déi bestoend Strukturen.

Mä trotzdem ass et haut och nach schwierig, fir den Iwwerbléck ze behalen, wat déi insgesamt ugebueden Dëngschtleeschungen fir Kanner a Jugendlecher an hir Famill ubelaangt. Oft kënnt et effektiv net zu enger Vernetzung vun deenen Interventiounen an et kënnt vir, dass sech souguer e puer sozial Servicer parallell ëm déiselwecht Famill këmmere.

Och huet d'Problematik vun der Zilgrupp sech verännert. Et muss ee feststellen, dass d'Komplexitéit an d'Gravitéit vun de Perséinlechkeetsproblemer a Verhalensstéierungen bei Kanner a Jugendlechen ëmmer nees zouhuelen. Dorop muss onbedéngt reagéiert ginn.

Duerfir stellt de virleiende Gesetzesprojet an den Ae vun der CSV eng fundamental Reform duer, déi méi wéi iwwerfällg war. D'Organisatioun am Virfeld vun der Justiz, vun der öffentlecher wéi privater Hëllef fir Kanner a Jugendlecher, déi an enger kritescher Situatioun sinn, gradesou wéi fir hir Famill, huet missen nei duerchduecht ginn.

Duerch d'Festschreiwen an deem Kadergesetz vun der Philosophie an de Prinzipien, déi all déi Interventiounen solle bestëmmen, an ech wëll hei besonnesch d'Kannerrechter mat deem iwwergeuerdeten Interessi vum Kand ervirsträchen, gëtt sech e weidere Qualitéitssprong erwaart, deen déi sozial Integratioun vun alle Kanner a Jugendlechen an hire Famillje soll fördern, andeems elo hei en neit Recht fir déi Betraffe geschaf gëtt, op dat si an der Nout kënnen zrëckgräifen. Dofir ass dem Statsrot seng Propos, fir den Titel vum Gesetz zousätzlech op d'Famill auszeiweiden, och op breet Zoustëmmung gestouss.

Et sollen en plus déi Betreffen aktiv mat agebonne ginn, besonnesch d'Kanner am Sënn vun enger reeller Participatioun als Bierger an eiser Gesellschaft; ob dëst am Dialog mat der Gemeng, dem Stat oder mat de privaten Trägergesellschaften ass.

Als CSV-Fraktioun begrëisse mer dës Gesetzesinitiativ. Ech wëll d'Familljeministesch felicitàiere fir hire couragéierte Schrëtt an d'Richtung vun enger Neiuerdung vun de Prozeduren an den Hëllefsmoosnamen an deem Secteur, déi vun der ambulanter Betreierung iwwert d'Dagesbetreierung bis zur stationärer Opnahm reechen. Si huet et fäerdeg bruecht, am Dialog mat alle Partner op dëst Resultat ze kommen.

Ech wëll hei verschidden Aspekter kommentéieren, déi zu enger wesentlecher Verbesserung vun der Situatioun par rapport zu där jëtzege wäerte bäidroen, esou wéi et am Rapport iwwert d'Jeunesse en détresse gefuerdert gouf. De Rapporteur Jean-Paul Schaaf huet jo a sengem schrëftlechen a mëndleche Rapport, fir deen ech hien ausdrécklech felicitàiere wëll, ausféierlech beschriwwen, wat et mat deem virleiende Gesetzesprojet op sech huet.

Déi preventiv Approche, déi mer am virleiende Gesetzesprojet ermëfannen, ass ouni Zweifel begrëssenswäert. All d'Acteuren - de Stat, d'Gemengen an déi privat Trägergesellschaften, d'Veräinsliwen inclu - sollen zesummen net nëmme gezielt a spezialiséiert Moosnamen, mä och op breeder Basis a fréizäiteg Strukturen ubidden, wéi zum Beispill d'Maisons relais, déi de Famillje vun haut mat hire Besoinen entgéintkommen an et esou erméiglechen, dass si mat hire Kanner sech wuel an eiser Gesellschaft spieren.

Et handelt sech ëm eng subsidiaresch Hëllef zu deem, wat d'Famillje selwer bäidroen. D'Vereenbarkeet vu Famill a Beruff stellt effektiv eng vun deene gréissten Erausforderungen duer.

An deem Kontext wëll ech och nach de Projet vun der Familljeministesch ervirhiewen, fir Chèques-services anzeféieren, déi et alle Kanner sollen erméiglechen, vun engem pedagogeschen Encadrement an de Betreierungsstrukturen ze profitéieren. An den Ae vun der CSV wäert dat op jidde Fall e Steck méi Chancëgläichheet bréngen.

Mä och d'gesetzlech Festschreiwe vum Verbuet vum Gebrauch vu Gewalt géigeniwwer Kanner a Jugendlechen - et ass elo

also formell festgehalten, dass et zum Beispill verbueden ass seng Kanner ze schloen -, dat stellt e wichtegt Element an dësem Gesetz duer a regelt eng Situatioun, fir déi Lëtzebuerg regelméisseg vun Internationale Comité vun de Kannerrechter e kromme Fanger gemaach krut. An dat trotzdem, dass am Code civil an am Code pénal scho Sanktiounen heifir virgesi sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Schafung vun enger neier wichtiger staatlecher Instanz - den Office national de l'enfance; ONE -, deen zoustänneg ass fir d'Ëmsetze vun der Jugendhëllef fir Kanner a Jugendlecher an Nout, erméiglecht et, där Fuerderung no enger Koordinatioun tëscht Justiz an de soziale Strukturen, gradesou wéi tëscht deene verschiddene soziale Servicer gerecht ze ginn. Hei kann am Virfeld vun der Justiz gekläert ginn, wéi eng Hëllefsmoosname fir e bestëmmtent Kand oder Jugendlechen an d'Wee geleet ginn, an dat mat der fräiwëlleger Bedeelegung vun den Elteren, de betraffene Mannerjähregen an de jeeweilege soziale Servicer an Institutiounen, déi implizéiert sinn oder et wäerte ginn.

Soumat kënnt dem ONE och eng Vermëttlungsroll zou, wou den Dialog mat alle Partner muss gefleegt ginn. Am Fall wou et net zu engem Accord kënnt an d'Konflikter net kënnen geléist ginn, huet den ONE ënner anerem och d'Méiglechkeet, fir eng regelrecht Mediationsinstanz ausserhalb vum sengem Gremium, ier hien d'Situatioun un d'Jugendgericht muss virginn.

Et kann ee sech also erwaarden, dass duerch den ONE eng Aart „Entjudiciarisierung“ stattfënn, an dat dann déi jeeweileg Jugendgerichter wäert entlaaschten. Dës juristesche Instanzen müssen dann eréischt, wann d'Kanner weider sollten enger grousser kierperlecher a psychescher Gefor ausgesat ginn, doduerch zum Beispill, dass d'Elteren net mat-schaffen, ageschalt ginn.

All déi Hëllefsmoosnamen an deen Hëllefspang, déi dem ONE seng qualifizéiert Mataarbechter a multidisziplinär Equipé kënnen proposéieren, sinn am Gesetzestext opgeléicht. Et kann ee feststellen, dass et sech ëm ganz diversifizéiert an nuancéiert Instrumenter handelt, déi op déi aktuell komplex Problematik vun de Kanner zugeschnidde sinn an domat zu enger Flexibilisierung a verbesserter Qualitéit bäidroen.

Wichtig ass weider, dass d'Situatioun vun de Kanner regelméisseg a mindestens eemol op d'Joer oder op Ufro vun engem vun de Partner muss réevaluéiert ginn. An och d'Jugendgerichter kréien domat vill méi e grouss Choix vu Moosnamen, op déi se kënnen zrëckgräifen.

Et ass awer ganz kloergestallt, dass d'Décisiounen vun der Justiz ausschlaggebend sinn an dass d'Missioun vum ONE komplementär zur Justiz ass. Dat entsprécht iwwregens och dem ausdréckleche Wonsch vun de juristeschen Instanzen an deem vum Statsrot.

D'CSV begrëisst och d'Asetze vun engem Conseil supérieur de l'aide à l'enfance et à la famille, deen hei zu enger verbesserter Koordinatioun soll bäidroen, andeems hien ënner anerem d'Regierung beréit, d'Besoinen op deem Gebitt evaluéiert an d'Wierke vum ONE enk suivéiert duerch eng Vertriebung a senger Ronn vun alle méigleche Partner, an och - besonnesch wichtig - Ministère-iwwergräifend.

Nei ass, dass Donnéeën kënnen erhuewe gi fir statistesch Zwecke - och eng Fuerderung vum Rapport Jeunesse en détresse. Opgrond vun den Donnéeën, déi vum ONE opgestallt si ginn, an zwar sinn dat eng semestriel Lësch vum de placéierte Mannerjährege souwéi en Dossier vun all Mannerjähregen - deen Dossier kann och spéider op Wonsch anonymiséiert ginn -, gi Statistiken erstallt. Déi statistesch Auswertung soll et iwwerhaupt emol erméiglechen, d'Situatioun vun der Jugend an Nout regelméisseg ze analyséieren an esou déi zoustänneg Politiken an d'Wee ze leede gradesou wéi déi néideg Verbesserungen virzehuelen.

Ech wëll dorop opmierksam maachen, dass et grad um Ufank wichtig ass, mat där néideger Suergfalt eng genee Opstellung vun den Donnéeën ze maachen, déi sollen erhuewe ginn, fir dass all déi Donnéeën och iwwer Jore statistesch vergläichbar sinn. Hei wäert eng Zesummenaarbecht mam CEPS, dem Centre d'études de populations, de pauvreté et de politiques socio-économiques, ganz wäertvoll sinn.

Innovativ ass och deen neie forfaitaire Finanzierungsmodus vun den Hëllefsmoosnamen. Bis elo war et esou, dass déi privat Trägergesellschaften aus dem soziale Secteur, déi eng Konventioun mam Stat a

méi speziell mam Familljeministère ofgeschloss haten, iwwer eng Fehlbedarfsfinanzierung verfügt hunn. Et goufen also eng bestëmmten Zuel Plaze fir Mannerjähregen an eng gewëssen Zuel Personalposte finanzéiert, an et war méiglech am Fall vun engem Defizit, dass d'Käschte ganz gedeckt goufen. Dëst ass e System, dee seng Prouf iwwer Jore bestanen huet.

Elo gëtt souwuel fir déi ambulant Moosnamen, zum Beispill Berodungsgespréicher, wéi fir stationär Moosname wéi dem socio-éducativen Accueil an engem Foyer e Forfaitspräis ugebueden, deen et den Dëngschtleeschungsbedder erméiglecht, hir Angeboter a Spezialisatiounen auszeiweiden an zugläich eng méi flexibel Äntwert op de Problem vum Kand ze ginn. Dëse Forfait ka jee no Hëllefsmoosnam op de Mount, den Dag oder op d'Stonn berechent ginn.

D'CSV begrëisst dëst. Et ass e grouss Fortschrëtt, dee vum Familljeministère ageleet gëtt an deen eng sichtlech Verbesserung vun der Hëllef duerstellt. Och huet hien d'Zoustëmmung vun deene betraffenen Associatiounen kritt, déi elo souguer Demandeur si vun deem neie System.

An trotzdem ass vill Kritik zu deem neie Finanzierungssystem an deene verschiddenen Avisë komm. Duerfir huet de Familljeministère d'Ouverture gemaach, fir der Trägergesellschaft de Choix tëscht deem alen an deem neie System ze loossen, ouni dëst mat engem Ofschafungsdélai vum ale System ze verbannen.

Wichtig ass weider, dass de Stat kann extraordinär Subventiounen ginn, am Fall wou d'Plazen an engem Foyer net ganz ausgelaascht wieren, oder wann en neie Projet ugestouss gëtt, dee jo bekanntlech eng gewëssen Ulaftzäit brauch.

All dës Dëngschtleeschungen ginn als Missioun mat öffentlechem Charakter ugesinn, an hir Finanzierung gëtt duerch d'Gesetz garantéiert. Domat dierft dann elo jiddereen zefridde gestallt sinn.

Och déi finanziell Bedeelegung, Kannergeld abetraff, vun den Elteren, deenen hir Responsabilitéit hei gefuerdert ass, kritt elo endlech eng gesetzlech Basis. Dat huet an der Vergaangenheet öfters fir Problemer gesuergt, well dës Participatioun bis dato just an der Konventioun vum Stat mat den ONGe verankert war, wat zu juristeschen Onkloerheete gefouert huet.

Ech wëll schlësse mat der Remarque, dass déi Beliewung an enger éischter Phas vun deem neien Office national de l'enfance vu primordialer Wichtigkeet ass fir d'Reussite an e gutt Ëmsetze vun der Jugendhëllef.

Et kann net sinn, wéi de Statsrot et fäert, dass mam ONE en Double emploi geschaf gëtt duerch en neie supplementäre soziale Service. Den ONE soll eng zentral Roll spillen, wou d'Mataarbechter mat Fanger-spëtzegefill musse virgoen, ouni vun hirer gewëssener Virmachtstellung ze abuséieren. Hei geet et ëm d'Wuel vun eise Kanner a Jugendlechen, an net ëm e Muechtkampf tëscht deene verschiddenen Instanzen.

Fir deene Verantwortlechen och da genuch Zäit ze loossen, fir d'Virbereedungsarbeiten fir d'Schafung vum ONE unzegoen, ass extra en Délai vu sechs Méint virgesinn, ier d'Gesetz a Kraaft trëtt.

An deem Sënn wënschen ech der Familljeministesch eng glécklech Hand beim Ëmsetze vun där vill versprechender Reform. Ech ginn heimat, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dem virleiende Projet.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Madame Andrich. Dir Dammen an Dir Hären, den Här Aarbechtsminister ass an der Zwëschenzäit agetraff. Mir hate jo festgehalten, dass mer d'Question urgente vum Här Meisch an d'Motioun géife virhuelen. Fir d'éischt vläicht d'Question urgente. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

4. Question urgente N°2980 de M. Claude Meisch relative à l'arrêt de la production auprès de Goodyear

» M. Claude Meisch (DP).- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer elo de Moie gemellt kritt hunn, hätt d'Goodyear decidéiert, fir d'Produktioun ze stoppen, dat op d'mannst bis d'nächst Woch. Duerfir hunn ech déi Question urgente hei gestallt un den Aarbechtsminister an och un de Wirtschaftsminister, fir